PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

I-2023-O-M-7819-01

Dépôt: GOERGEN Marc

Interpellatioun iwwert Moossnahmen géint d'Logementskris

Lëtzebuerg, den 12/03/2024

4

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Am Projet vum Staatsbudget fir 2024 huet d'Regierung sech virgeholl, fir proaktiv Immobilieprojeten opzekafen (VEFA) fir esou d'Unzuel u Wunnengen an ëffentlecher Hand signifikativ mat erschwéngleche Wunnengen opzestocken;
- Fir de Kaf vu Wunnenge sinn insgesamt 222 Millioune fir d'Aides à la Pierre an Acquisitiounen duerch de Spezialfong vum Logementsministère virgesinn, mee et geet aus den Zuelen net ervir, wéi dës Akeef opgeschlësselt sinn a wéi eng Immobilieprojete fir wéi vill Geld kaf goufen;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Dass all Kafkontrakt fir d'Wunnengen der zoustänneger Chamberskommissioun zäitno presentéiert gëtt mam Detail, wat fir all eenzel Wunnunitéit bezuelt gouf a wat d'Entstehungskäschte waren.

Marc Goergen